



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture  
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vun der  
Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 7085 vum éierbaren Deputéierten  
Marc Goergen**

**Gouf och hei zu Lëtzebuerg Fleesch aus dem concernéierte Betrib aus Niedersachsen verkaaft? Falls  
jo, gëtt dat Fleesch aktuell nach ëmmer a lëtzebuerger Supermarchéë verkaf?**

All Liewensmëttel, wat op den europäesche Marché kënnt, muss déi geltend europäesch a national  
gesetzlech Reegele respektéieren.

Dofir ginn iwwert déi ganz Liewensmëttelkette vun den zoustännegen Autoritéiten an den EU-  
Memberstate Kontrolle gemaach.

Wann festgestallt gëtt, datt en Liewensmëttel net dëse Reegelen entsprécht, da gëtt et vum Maart  
geholl.

Wann des Weideren eng Verdeelung vun engem Memberstaat an en anere stattfonnt huet, dann  
informéiere sech déi betraffe Memberstaten iwwert ee Réseau d'Alerte, deen déi Europäesch  
Kommissioun ageriicht huet a bedreift.

[https://food.ec.europa.eu/safety/rasff-food-and-feed-safety-alerts\\_en](https://food.ec.europa.eu/safety/rasff-food-and-feed-safety-alerts_en)

Wann och nach eng Gefor fir d'Gesondheet besteet, da gëtt och de Konsument informéiert iwwert de  
Portail vun der Sécurité alimentaire: [www.securite-alimentaire.lu](http://www.securite-alimentaire.lu).

An deem vum honorabelen Deputéierten zitéierte Fall ass der lëtzebuerger Veterinär- a  
Liewensmëttelverwaltung, déi Kontaktpunkt fir den europäeschen Alerte-System zu Lëtzebuerg ass,  
keng esou eng Verdeelung matgedeelt ginn.

Lëtzebuerg, den 30. November 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen